N°2045
Entrée le 13.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2045 du 6 mars 2025 de l'honorable Député Fred KEUP concernant « Intégration des personnes handicapées sur le marché du travail ».**

**Fro N°1: Wéi vill enregistréiert Leit, déi no enger Aarbecht sichen, hunn de Statut vum „salarié handicapé"?**

1.520 Persounen mam Statut vum Salarié handicapé sinn disponibel fir eng Aarbecht.

*Source : ADEM, Stand: 31.01.2025.*

**Fro N°2: Wéi huet sech dës Zuel an deene leschte Joren entwéckelt?**

An deenen leschte Joëre gesait een eng liicht Augmentatioun vun dëser Zuel :

- 2024 : 1.414 ;
- 2023 : 1.460 ;
- 2022 : 1.475.

*Source : ADEM, Stand: 31.01. vum jeweilege Joër.*

**Fro N°3: Ass virgesinn, weider Mesuren op de Wee ze bréngen, fir déi Leit nach besser ze ënnerstëtzen an hiren Integratiounsprozess an d'Aarbechtswelt ze verbesseren?**

Aktuell lafen interministériell Aarbechtsgruppen, fir weider Mesuren op de Wee ze bréngen, Persounen mam Statut nach besser an méi einfach bei hierem Integratiounsprozess an d'Aarbechtswelt ze begleeden. Eng vun den viséierten Mesuren ass zum Beispill fir d' "Assistance à l'inclusion" ze iwwerschaffen a seng Missiounen ze erweideren. E weidert Beispill sinn Formatiounen, déi rezent an zesummen mat Acteuren vum Terrain an Entreprisen op d'Been gestallt goufen fir den Employeuren déi néideg Outil'en ze ginn, fir eng Persoun mam Statut anzestellen, respektiv an Aarbecht ze halen.

Desweideren bléiwt et wichteg, zum Sujet ze sensibiliséieren, fir dass déi betraffen Persounen och oppe mat hierem Statut vum Salarié handicapé ëmginn, respektiv hieren Employeur doriwwer informéieren. Nëmmen wann den Employeur Bescheed wees, kënnen béid Saiten vun den verschiddene Mesuren an Aiden profitéiren.

Luxembourg, le 12 mars 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**